NEWSLETTER DEZEMBER 2016

Welcome

Et ass immens schéin ze gesinn wéi den Mérite Jeunesse zu Lëtzebuerg wiisst. Säit dem Hierscht hu mir 8 nei Unitéiten mat dobäi: Lycée Josy Barthel Mamer, École de Commerce et de Gestion, Lycée Bel-Val, Internat du Nord Wiltz, Lycée Nic-Biever, Lycée Hubert Clement Esch, Lënster Lycée an Internat Pensionnat St. Joseph Ettelbruck.

Nei Gesiichter am Conseil d'Administration

Nodeems den Här Louis Karmeyer als Representant vun der UGDA an den Här Georges Hausemer als Represantant vun der FNEL de Conseil verlooss hunn, freet de Conseil sech dräi nei Memberen ënnert sech dierfen ze begréissen: d'Martine Deprez (UGDA), de Pierre Matagne (FNEL) an d'Djuna Bernard (Gold Award Holder).

Martine Deprez
Représentante UGDA

Pierre Matagne
Représentant FNEL

Djuna Bernard
Gold Award Holder

Visites de suivi

Säit Juni sinn d'Mataarbechterinnen vum Nationalbureau an den Schoulen an Organisatiounen ënnerwee fir een Joer nodeems den Accord de Partenariat vun 22 Unitéiten ënnerschriwwen ginn ass, een Austausch mat den Responsabelen ze erméiglechen. Nodeems 18 Unitéiten eis immens frëndlech an oppen empfaangen hunn, free mir eis drop am Joer 2017 déi lescht 4 och nach ze begéinen.

25 nei Award Leader

No der Formatioun am Oktober huet de Mérite Jeunesse déi grouss Chance 25 nei Tuteuren kenen ze begeeschteren fir am Programm aktiv matzewierken. Et ass schéin Leit dobäizekréien déi déi Jonk mat vill Motivatioun en Engagement encadréieren. Dir sidd all mat immens flotten an och neien Iddien an ären Unitéiten ënnerwee an duerfir elo schonn „Hut ab" an ee grousse Merci!

Proud to be
THE DUKE OF EDINBURGH'S INTERNATIONAL AWARD
In Luxembourg

Soirée des Tuteurs

Den 20. Oktober war et erëm souwäit an den Mérite Jeunesse huet den Tuteuren am Kader vun der schonn traditioneller « Soirée des Tuteurs » Merci gesot fir hiren Asaz. Am Forum Geesseknäppchen huet, no der Begréissung duerch den Vize-President Georges Metz, d'Astrid de Leeuw an d'Monique Kellen ee klenge Bilan iwwert déi lescht Méint an een Ausbléck presentéiert.

Den S.A.R. Prënz Guillaume huet nieft sengem Merci un d'Tuteuren och ee grousse Merci un d'Team geriicht wat schonn säit Joren d'Nationalexpeditiounen mat vill Knowhow encadréiert. Hinnen gouf een Certificat als Unerkennung fir hier Aarbecht iwwerreecht. De Georges Faber ass säit 2002 beim Mérite Jeunesse aktiv an lues a lues huet sech dat aktuellt Team zesummefonnt: Manon Arent, Ramona Feidert, Alex Gansen, Jan Reimen an Guillaume Thill.

Mat engem lessen am Restaurant *Comme à la maison* ass den Owend an enger gemittlecher Atmosphäre op een Enn komm.

Agenda

16.12	Visite S.A.R. Prënz Guillaume Lycée Bel-Val
26.01	Visite S.A.R. Prënz Guillaume Lënster Lycée
28.01	Formatioun Award Leader Eindhoven (Englesch)
28.01 + 04.02	Preparatiounsatelier Volet Expeditioun
08.03	Remise des Certificats
11.03-12.03	Formatioun *Award Leader*
25.03+01.04	Formatioun Expeditioun
28.04-30.04	Preparatiounsweekend Expeditioun
19.05-21.05	Nationalexpeditioun (Finale)

Léiwen Participant…

Umellung

Wann s du dech nei beim Mérite Jeunesse ageschriwwen hues oder dech fir een aneren Niveau ugemellt hues, da vergiess nit däin Umeldungsformulaire bei dengem Tuteur ofzeginn a mat him driwwer ze schwätzen waat s du als Aktivitéiten gewielt hues. Wichteg ass och dass du dir bei alles een Ziel setz.

Léif Responsabel…

Versammlung den 22. Mäerz 2017

Den 22. Mäerz um 17h fënnt am Forum Campus Geesseknäppchen eng Versammlung statt wou all Tuteur deen sech fir d'Thema „Jonker mat engem méi schwieregen sozialen oder schouleschen Hannergrond motivéieren fir beim Programm matzemaachen an duerchzehalen" interesséiert, häerzlech wëllkomm ass mat ze diskutéieren fir nei Weeër ze sichen fir och déi Jugendlech ze encadréieren.

Record books

Denkt drun fir d'Rekordbicher vun ären Participanten, déi een Niveau fäerdeg hunn, bis den 17. Januar am

Proud to be
THE DUKE OF EDINBURGH'S INTERNATIONAL AWARD
In Luxembourg

Bureau ofzeginn.